

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmwelt- an d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Nodeems d'kommunal Bebauungspläng fir d'Gemengen e schwéieren Dossier waren, schéngt sech elo an der Prozedur ofzezeechnen, datt bei eenzele Gemenge respektiv den Ëmwelt- oder de Banneministère en zweete Vott verlaangt oder nëmme säin Deel-Accord gëtt. D'Gesetz schwätzt awer vun engem „Vote unique“ - dat wéinst der „Enquête publique“ a well d'Konventioun vun Aarhus dem Bierger an engem fréie Stadium d'Recht fir kënnen ze intervenéieren garantéiert.

Baséierend op dëser Situatioun, wëll ech den zoustännege Ministere folgend Froe stellen:

1. Bei wéi vill PÄGen nom Gesetz vun 2004 gouf et bis elo ee Refus vum Bannen-oder vum Ëmweltminister?
2. Bei wéi vill Gemengen hu respektiv de Banneminister oder den Ëmweltminister een zweete Vott (complémentaire) gefrot?
3. Ass d'Fuerderung vun esou engem zweete Vott am Aklang mam Gesetz a besonnesch mat der Gemengenautonomie?
4. Firwat kënnen déi betraffe Ministèren am Kader vun hirem „Pouvoir de tutelle“ nët besser eng „Approbatoun partielle“ ginn?
5. An wéi vill Fäll ass et tatsächlech eng „Approbatoun partielle“ ginn - opgeschlësselt no Bannen- an Ëmweltministère?
6. Ass der Madamm Banneminister hiren Droit de reformation gemäss Urteel 111/14 vum 20. Juni 2014 vum Verfassungsgeriicht net limitéiert op Reklamatiounen op déi si am Kader vun der „procédure d'approbation“ statuéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten